Ovatioun fir den neie Buergermeeschter zu Schëndels

Et war fir de Michel Malherbe eng Iwwerraschung, wéi sonndes, den 20. Mäerz 2016, d'Entente vun de Schëndelser Veräiner an déi Schëndelser Awunner eng Ovatioun fir den neie Buergermeeschter organiséiert hunn. Um 16.00 Auer ass et mat Musek a Pompjeeën an engem Cortège ënnen aus dem Duerf an de Schlasshaff zu Schëndels gaang. De Marcel Scheuer als Organisatiounspräsident huet d'Leit häerzlech begréisst a vum Michel senge fréiere Sportsaktivitéiten, Judo a Football, erzielt an och wéi séier de Michel a seng Famill sech, noodeem se aus der Belsch op Lëtzebuerg komm waren, am Duerf intégréiert haten. Zum Ofschloss huet hien am Numm vun de Schëndelser Leit dem Michel eng glécklech Hand an sengem neien Amt gewënscht.

Anschliessend huet de Romain Schaus eng kleng Geschicht virgedroen iwwert den neie Buergermeeschter vu Miersch an de Jong vu Schëndels. De Misch, ass de 16. Dezember 1957 zu Sprimont bei Léck gebuer a koum 1959 mat sengen zwou Schwësteren, sengen Elteren a sengem Monni, sénger Tatta a senge Kusinnen op Schëndels op den Haff vum Schlass. A jonke Joeren hat hien et fauschtdéck hannert den Oueren a war bal ëmmer derbaï, wann eng Kaz geschleeft ginn ass. Dem Michel sengem Virgänger, dem Albert Henkel, ass grousse Luef ausgesprach ginn. De Romain huet dem Michel nach e gudde Rot mat op de Wee ginn: „Pass op, well den Abbes huet Dinosaurier-Fousstrëtt hannerlooss, an et ass net esou einfach, do dran ze trëppelen." Duerno huet en him nach alles Guddes gewënscht mat de Wierder „Misch, bleif dee Misch, wéi mir dech all kennen".

Duerno sinn dem Misch eng Karikatur vum Roger Leiner an en Tableau vun de Schëndelser Schoulkanner iwwerreecht ginn, ier den Éierebuergermeeschter d'Schlusswuert gesot huet an d'Feier bei engem Éirewäi mat Schnittercher ausgeklongen ass.